*(par M. Marcel Oberweis), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Stein-Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen).*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum leschte Projet de loi fir haut, déi budgetär Upassung beim Bau vun der Nordstrooss. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Calmes, den Här Diederich, d'Madame Loschetter an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ali Kaes.

## 6. 5477 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une route reliant Luxembourg à Ettelbruck

***Rapport de la Commission des Travaux publics***

**M. Ali Kaes** *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer de Bléck zréck an de Juli 1997 riichten, da blécke mer och zréck op den Ofschloss vun enger dach emotionaler Debatt. Eng Debatt, déi schonn Enn der 60er Joren, genau gesot 1967, hiren Ufank fonnt hat. Et géing u sech elo ze wäit féiere wa mer nach weider an der Lëtzebuerger Stroossebaugeschicht zréckbliedere géifen, mä just vläicht zur Informatioun, et gouf schonn an der Zäit virum Zweete Weltkrich an etlechen Etüden driwwer nogeduecht, wéi een eng Stroossenubannung an den Norde kënnt realiséieren.

Am Fonds-des-Routes-Gesetz vum 16. August 1967 ass ënnert dem deemolege sozialistesche Bauteminister Albert Bousser festgehale gi fir eng Strooss ze bauen, déi ënner anerem Lëtzebuerg mat Ettelbréck soll verbannen. Spéiderhin am Programme directeur vum 6. Abrëll 1978 mam Titel «Aménagement du territoire et développement du réseau routier» ass nozeliesen:

«L'autoroute Luxembourg-Ettelbruck-Diekirch est nécessaire à l'amélioration et au développement de la région nord du pays, au soutien du centre de développement et d'attraction d'ordre moyen Ettelbruck-Diekirch, au pôle Bissen-Colmar-Berg ainsi qu'à l'amélioration des conditions de trafic et de résidence dans la zone urbaine et dans la vallée de l'Alzette.»

A bei der Revisioun vun dësem Programme directeur am Joer 1988 ass weiderhi festgehale ginn:

«La Route du Nord a toujours été considérée comme l'épine dorsale du trafic entre l'Oesling et le Centre…»

Wat duerno komm ass, Dir Dammen an Dir Hären, waren an den 80er an an den 90er Joren eng Rei vun Etüden, déi verschidde Varianten duerchgespillt haten an déi der Regierung virgeluecht gi sinn. Den 19. Mäerz 1992 huet d'Chamber sech mat enger 2/3-Majoritéit fir d'Ostvariant vun der Nordstrooss décidéiert, wat schlussendlech zum Dépôt vum Gesetzesprojet 4037 gefouert huet iwwert d'Ëmännerung vum Fonds-des-Routes-Gesetz an dunn zum Projet de loi 4263, deen den 9. Juli 1997 an der Chamber gestëmmt ginn ass an deen d'Regierung habilitéiert huet, fir déi sou genannten Nordstrooss ze bauen; mat engem Käschtepunkt, dee sech deemools op ronn 15 Milliarden aler Frang belaf huet.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Et wat eng hëtzeg Diskussioun an der Öffentlechkeet, déi eist Land riskéiert huet ze dividéieren zwëschent Norden a Süden, Osten a Westen. Dat geet och aus deenen interessante Chambersdebatte vun deemools ervir, wou zum Beispill bei engem fréiere Member aus der CSV-Fraktioun zum Gesetz vum 27. Juli 1997 iwwert de Bau vun der Nordstrooss nozeliesen ass:

„Ech mengen, jiddereen, deen heibannen ass, muss verstoen, dass eis Matbierger aus dem Norden, mä net nëmme si, och d'Awunner aus dem Uelzechtdall, net kënnen novollzéie firwat d'Nordstrooss ëmmer annoncéiert awer ni gebaut ginn ass. Ech wëll hei souguer behaapten, datt déi betraffe Leit heiansdo d'Impressioun haten, datt grad just hir Revendicatiounen net eescht geholl gi sinn.

An deenen 30 Joer, wou iwwert d'Nordstrooss geschwat ginn ass, ass hei zu Lëtzebuerg e modernt Stroossennetz geschafe ginn, wat alle Regiounen zegutt komm ass. Et stellt ee fest, datt do wou en développéiert Stroossennetz besteet, d'Wirtschaft e Sprong no vir gemaach huet. Et däerf een drun erënneren, datt an deene leschte Joren d'Collectrice du Sud fäerdeg gestallt ginn ass, eng Autobunn op Arel an eng op Tréier gebaut gi sinn, eng Schnellstrooss op Saarbrécken hei an der Chamber gestëmmt ginn ass an am Moment a Konstruktioun ass. Un dëse Stroossen, déi jo mat Statsgelder finanzéiert goufen, hu sech och d'Awunner aus dem Norden an aus dem Uelzechtdall finanziell bedeelegt.

An dësem Kontext mengen ech, datt d'Solidaritéit och a Richtung Norde muss spillen. Mir ass net bekannt, datt an der Zäit, wou dës Stroosse gebaut goufen, am Norden an am Uelzechtdall de Sënn an den Zweck vun dëse Stroossen a Fro gestallt gi wier. Dat wier och net richteg gewiescht, well jiddereen hiren Notzen haut kann erkennen."

Dat war en Auszuch aus enger ganz engagéierter Ried vun dem Nico Loes hei op dëser Plaz.

Et war 1997, wéi gesot, eng héich emotionaliséiert Debatt iwwer e Projet, deem seng Nëtzlechkeet haut awer iwwerwiegend net méi a Fro gestallt gëtt. Och wa sech d'Gemidder nach ëmmer net ganz berouegt hunn. D'Nordstrooss bleift eng wichteg Komponent am Entwécklungsprozess vun enger Regioun, déi nach ëmmer eng Rei Strukturschwächten opweist. D'Nordstrooss ass a bleift e Projet mat enger nationaler Envergure, déi sech fir d'Entwécklung vum Land am Allgemengen, mä awer am Norden am Besonnesche wäert ausbezuelen. Déi zügeg Fäerdegstellung vun dësem Projet muss duerfir eng Prioritéit am nationale Stroossebau kréien a behalen.

Dëse Projet gëtt méi deier, an duerfir debattéiere mer haut de virleiende Projet iwwert d'Rallonge budgétaire vun der Nordstrooss, deen den 23. Mee 2005 vum Här Bauteminister Claude Wiseler an der Chamber deponéiert gouf. Den Text ass den 12. Mee un de Statsrot verwise ginn, deen den 21. Juni säin Avis ofginn huet. An der Sëtzung vun der Bautekommissioun vum 1. Juni ass dunn de Rapporteur designéiert an d'Elementer vum Projet analyséiert ginn. Den Avis vum Statsrot konnt an der Sëtzung vum 29. Juni dunn ënnert d'Lupp geholl ginn. Den ofschléissende Rapport vun der Kommissioun ass an der Sëtzung vum 7. Juli 2005 adoptéiert ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, mam virleienden Text gëtt d'Regierung autoriséiert fir weider Aarbechten ze tätegen, déi sech op ronn 229 Milliounen Euro belafen. Et sinn dat Méiausgaben, déi sech an der Haaptsaach duerch d'Evolutioun vum Projet u sech erkläre loossen an déi sech op déi véier Sektioune vum Projet bezéien. An erlaabt mer kuerz fir op déi eenzel Adaptatiounen anzegoen.

D'Dépassementer an der Sektioun 1 resultéieren aus Ëmännerunge bei der Jonctioun Gréngewald mat supplementare Bauaarbechten a virun allem aus der Verbreederung vun der A1 zwëschent dem Echangeur Kierchbierg an dem Sennengerbierg. Dat heescht Aarbechten, déi am initiale Projet net an där Form virgesi waren.

D'Méikäschte vun der Sektioun 2 loossen sech virun allem duerch déi zousätzlech Voie am Tunnel Grouft an duerch deen zousätzleche Sécherheetstunnel op enger Längt vun 80 Meter erklären. Dëst ass ënner anerem d'Äntwert op zousätzlech Sécherheetsmoossnamen, wat ouni Zweifel zu enger verbesserter Sécherheet am Tunnel selwer bäidréit. Zousätzlech Käschten, Dir Dammen an Dir Hären, ginn och duerch Moossnamen op der Héicht vum Grondwaasserspigel an duerch weider elektromechanesch Equipementer verursaacht.

Bei der Sektioun 3 gëtt eng speziell Beliichtung installéiert, fir eng optimal Integratioun an d'Landschaft sécherzestellen.

D'Dépensë vun der Sektioun 4 ginn duerch weider noutwendeg Aarbechten am Génie civil am Gousseler Tunnel complétéiert, an dat virun allem an der Galerie 8. Dobäi kommen och nach d'Käschte vun den elektromechaneschen Equipementer, déi wéinst enger Rei vun europäeschen Direktive mussen adaptéiert ginn, esou wéi se haut virgeschriwwe gi vun deene respektiven Direktiven.

Schlussendlech sief nach drop higewisen, datt d'Etüden zu deenen eenzelne Sektioune leschten Enns alleguerte méi deier gi sinn, vis-à-vis vun den initiale Käschten, déi virgesi waren. Den neien Devis dréit dëse Käschten deemno och Rechnung.

De Gesetzesprojet modifiéiert awer och nach den Artikel 5 aus dem Gesetz vum 27. Juli 1997 iwwert d'Nordstrooss, deen u sech d'Mesures compensatoires festhält. Et huet sech nämlech erausgestallt, datt de Passage fir Wëld iwwert d'Nationalstrooss N11 technesch schwéier realiséierbar ass, dat virun allem duerch d'Topographie vum Terrain.

Och um cynégétesche Plang, dat heescht um Plang vun der Juegd, ass bezweifelt ginn, ob esou eng Moossnam iwwerhaapt déi néideg Effikassitéit huet. Doriwwer eraus weisen 13 vun deene 14 ënnerierdesche Passagë fir klengt Wëld ënnert der Nordstrooss technesch Schwieregkeete bei der Realisatioun op, wat d'Experten zur Konklusioun komme gelooss huet, datt sech déi agespuerten Zomme bei der Suppressioun vun dëse Kompensatiounsmoossname sënnvoll kéinte fir d'Modifikatioune beim Bau vun der Nordstrooss asetze loossen.

Dat betrëfft deemno virun allem den Elargissement vum Tunnel Grouft an d'Suppressioun vum Bëschgebitt op enger Surface, déi leschten Enns och méi grouss ginn ass, wéi et initialement geplangt war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn u sech d'Haaptelementer aus dësem Gesetz. Wat den Avis vum 21. Juni 2005 vum Statsrot ubelaangt, esou ass d'Tounlag u sech eng ähnlech wéi bei anere grousse Bauprojeten, déi eng Rallonge budgétaire gebraucht hunn. Déi héich Kierperschaft lëscht an deem Kontext eng ganz Partie vu Bauprojeten op, fir dann zum Schluss ze kommen, datt se duerchaus kéint verschidden Dépassementer beim Bau vun der Nordstrooss novollzéien. Bei aneren Dépensen huet sech de Statsrot awer d'Fro gestallt, ob de gesamten Dépassement vu ronn zwee Drëttel vum initialen Devis nach enger seriöer Konzeptioun, Preparatioun a Planifikatioun vu groussen Infrastrukturprojete géif entspriechen.

De Statsrot huet sech och gewonnert, dass een sech där technescher Problemer beim Bau vum Passage fir Wëld a vun den ënnerierdesche Passagë fir Klengwëld net vun Ufank u bewosst war. Déi héich Kierperschaft huet op alle Fall ugekënnegt sech formell ze opposéieren, wann déi agespuerten Zommen op Aarbechten un der Nordstrooss verwendt ginn, am Fall wou dës Aarbechten net an de Champ d'application vum Artikel 5 vum Gesetz vum 27. Juli 1997 géife falen. De Statsrot mengt, datt all nei Affektatioun vu Suen iwwert de gesetzleche Wee misst geregelt sinn an deemno misst den Artikel 5 an dësem Gesetz an dësem Geescht ëmgeännert ginn.

De Bauteministère huet eis verséchert déi disponibel Kreditter duerch d'Suppresssioun vun de Passagë fir Wëld nëmmen no den Dispositioune vum Artikel 5 vum Gesetz vun 1997 ze verwenden. En entspriechend Schreiwe mat den néidege Garantien ass un de Statsrot gaangen, adresséiert mat Datum vum 4. Juli, a Kopie un d'Bautekommissioun, fir dem drohende Refus vun der Dispens vum zweete Vote constitutionnel entgéintzetrieden. De Statsrot huet heizou eng positiv Äntwert ginn.

D'Memberen an der Kommissioun hunn den Avis vum Statsrot natierlech an all sengen Eenzelheeten duerchgeackert. D'Kritik, datt de virleiende Projet net de richtege Montant vun den Dépassementer uféiert, konnt dohigehend entkräft ginn, datt sech un zwee verschidde Bauindexen orientéiert gouf. De Montant, deen an där initialer Versioun vum Projet ageschriwwen ass, ass schlussendlech dee richtegen an definitiven.

D'Kommissioun huet sech op verschidde Froe konzentréiert. Et ass vum Ministère ënner anerem preziséiert ginn, datt déi 14 Passagë fir Klengwëld u sech no reng theoretesche Considératiounen am Projet développéiert goufen. Eréischt no an no hu sech déi technesch Problemer bei enger eventueller Realisatioun bemierkbar gemaach, wat schlussendlech zur Décisioun gefouert huet, fir dës Passagen aus de Baupläng ze sträichen.

Des Weideren ass dorobber higewise ginn, datt d'Aarbechten de Grondwaasserniveau nach net erreecht hunn. Iwwert de Wee vun enger Konventioun soll de Gratisapprovisionnement vun Drénkwaasser fir d'Gemeng Luerenzweiler séchergestallt ginn, wou ënner anerem d'Quantitéite festgehale ginn, déi d'Gemeng duerch de SEBES kompenséiert kritt, am Fall wou bei den Aarbechte Waasser aus de Luerenzweiler Quelle verluer geet.

Wat de Fortgang vun den Aarbechte vun de sou genannten „mesures compensatoires" ubelaangt, sou ass festgehalen, datt nach eng Rei Problemer bei der Acquisitioun vun den Terrainë bestinn.

Och wann nach ëmmer Onstëmmegkeeten zwëschent dem Stat an enger Entreprise iwwert d'Stabilisatiounsaarbechten am Gousseler Tunnel bestinn, sou konnten d'Aarbechten awer ofgeschloss ginn. D'Experte sinn amgaang, d'Fro iwwert d'Responsabilitéiten ofschléissend ze klären, wat awer net verhënnert huet fir d'Entreprise ze bieden, d'Aarbechten dach zu hirem Ofschloss ze féieren, an dat no de Konditioune vun der Administration des Ponts et Chaussées, déi an engem Avenant zum Marché initial festgehal goufen.

Et sief an deem Kontext nach eng Kéier dorop higewisen, datt no verschiddene Problemer, déi sech beim Bau vum Tunnel Goussel gestallt hunn, d'Verwaltung vu Ponts et Chaussées huet missen nei Prozeduren ausschaffen, fir de Suivi vum Bau vum Tunnel Grouft ze garantéieren. Dës Prozedure goufen an enker Zesummenaarbecht mat auslänneschen Experten definéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech denken, datt ech lech an de Memberen hei am Parlament déi néideg Informatiounen iwwert dëse Gesetzesprojet ginn hunn. Ech mengen, datt och dëse Projet net vu Kritik vun deem engen oder vun deem anere verschount bleift. Ech wëll awer dorun erënneren, datt de Bauteminister an dësem Dossier mat aller Transparenz operéiert huet. Ech denken doriwwer eraus, datt déi Pisten, déi vun him an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes opgezeechent gi sinn, e richtegt Signal duerstellen, fir an Zukunft déi finanziell Enveloppe vun esou grousse Projete besser kënnen ze evaluéieren. Ech bleiwen awer dobäi, datt d'Nordstrooss e wichtege Projet fir eist Land a fir den Norden duerstellt.

Dëst gesot, soen ech lech als Rapporteur Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Ali Kaes** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech awer nach am Numm vu menger Fraktioun an a mengem perséinlechen Numm hei op en anert Stéck vun der Nordstrooss aginn.

**Mme Anne Brasseur** *(DP).*- Elo hu mer schonn „très bien" gesot!

***(Hilarité)***

**M. Ali Kaes** *(CSV), rapporteur.*- Et handelt sech ëm dat Stéck tëschent dem Contournement vu Schieren an dem Rond-point Friedhaff.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo grad e Projet de loi explizéiert wou et dorëm geet, zousätzlech Finanze fir en Deelstéck vun der Nordstrooss ze accordéieren. Dee gréissten Undeel vun deenen zousätzleche Käschten ass op zousätzlech Mesuren zréckzeféieren, déi d'Nordstrooss nach méi sécher solle maachen. Zum Beispill, eng drëtt Pist am steigenden Tunnel Grouft, e Säitentunnel vun 80 m als Fluchtwee an anerer. Ech kann dëst nëmme begréissen, well d'Sécherheet vun den Automobilistë muss eis alleguerten e ganz besonnescht Uleies sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Sécherheet ass awer manifestement net um Contournement Schieren-Ettelbréck ginn, well dëst Stéck einfach net méi den heitege Verkéierssituatiounen ugepasst ass.

Éischtens ass de Contournement op enger ganzer Rei vu Plaze vill ze schmuel.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Zweetens, et gëtt net déi geréngsten Auswäichméiglechkeeten

op dësem Contournement. Drëttens, am Fall vun engem Accident ass alles blockéiert, well deen oder déi accidentéiert Autoen op der Fahrspur musse stoe bleiwen, well et awer och guer keng Plaz um Rand gëtt. Véiertens sinn d'Op- an d'Offahrte ganz geféierlech, sou zum Beispill d'Offahrt fir op Ettelbréck, wou een aus der Haaptspur - et gëtt awer nun nëmmen eng Spur an déi Richtung - ouni Verzögerungsspur muss an engem schlechte Wénkel op enger dach oniwwersiichtlecher Plaz ofbremsen, fir an de Säitentunnel Richtung Ettelbréck ze fueren.

D'Opfahrt vun Ettelbréck Richtung Lëtzebuerg ass och net vill besser an ass alles aneschters wéi sécher.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Ali Kaes** *(CSV), rapporteur.-* De stännege Wiessel tëschent zwou an dräi Spuren op deem ganze Stéck bis op de Rond-point Friedhaff dréit och net zur Sécherheet an zur Iwwersiicht op dëser Streck bäi. Et ass dofir och net verwonnerlech, datt ganz vill, jo, Dir Dammen an Dir Hären, iwwerduerchschnëttlech vill Accidenter hei geschéien.

Zënter dem 1. Januar 2002 - an dat ass nach net allze laang hier - bis haut gouf et méi wéi 50 Accidenter op dëser dach kuerzer Distanz mat enger ganzer Rei vu liichten a schwéiere Blesséierten. Leider hunn an deene leschten zéng Joer och x Leit hei hiert Liewe verluer.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Dir Dammen an Dir Hären, wat notzen deene Bierger an Automobilisten aus dem Norden all déi Beméiungen op deem neie südlechen Deel vun der Nordstrooss, déi schonn en Accident um Contournement Ettelbréck-Schieren hunn ier se op den neien a sécheren Deel vun der Nordstrooss kommen? Et wier vun dréngender Noutwendegkeet wann d'Nordstrooss bis op de Rond-point Friedhaff als Autobunn géif verlängert ginn, sou wéi déi ursprünglech Pläng dat laut menger Informatioun virgesinn. Op där enger oder där anerer Plaz goufen d'Fondatioune souguer scho matgebaut, fir eng zweet Bréck ze realiséieren.

D'Realisatioun vun enger drëtter Spur op zirka engem Kilometer laanscht Ettelbréck an deene leschte Jore beweist ganz gutt, datt d'Problemer hei beschtens bekannt sinn. Hei ass awer a mengen Aen nëmme Fléckaarbecht gemaach ginn a keng ganz Aarbecht.

Ech wëll och nach bemierken, datt den IVL der Nordstad eng ganz grouss Wichtegkeet zouerkennt. An deem Kontext wier et och vu grousser Wichtegkeet, wann d'Autobunn bis hannert dës Agglomeratioune géif féieren, wat eng besser an eng direkt Ubannung vun der Nordstad un d'Autobunnsnetz géif erméiglechen, sou wéi een dat och am Ausland bei ähnleche Situatiounen ëmmer méi ka feststellen.

**Une voix**.- Bis op Baastenduerf.

***(Hilarité)***

**M. Ali Kaes** *(CSV), rapporteur.-* Zu gudder Lescht…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…wëll ech nach ze bedenke ginn, datt den IVL och virgesäit, datt Zones d'activités sollen an Zukunft no engem Gesamtkonzept geschafe ginn.

De Friedhaff ass zënter längerer Zäit schonn als méigleche Site fir esou eng Zone um interkommunale Plang an der Diskussioun, gradsou wéi datt d'Gemengen Dikrech, Ettelbréck an Ierpeldeng e gemeinsame Centre d'intervention an dësem Raum wëlle realiséieren. Béides wier fir de Raum Dikrech-Ettelbréck ganz sécher vu grousser Wichtegkeet a géif zum Développement vun der Nordstad an der ganzer Regioun bäidroen. Och hei géif d'Autobunn bis op de Friedhaff absolut Sënn maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, no all deene ville schwéieren an déidlechen Accidenter, wéi dat erëm virun e puer Deeg um Lieu-dit Klosdällt de Fall war, muss an Zukunft generell och eng Kéier iwwert déi geféierlech dräispureg Nationalstrooss N7 Richtung Wämperhaart nogeduecht ginn, fir dës nu wierklech méi sécher ze kréien a virun allem se laanscht d'Uertschaften ze féieren, déi op där Streck leien. Eng Véierspuregkeet géif sécher d'Zuel vun den Accidenter op dëser Streck reduzéieren. Och misste geféierlech Kräizungen, wéi déi um Schinker, duerch eng Unterführung entschäerft ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, nëmmen esou kann ee vun engem gesamte Projet Nordstrooss schwätzen, deen dann a senger Integralitéit den heitege Besoinen ugepasst ass. An deem Sënn wëll ech nach eng Kéier Merci soe fir d'Nolauschteren an den Accord zu dësem Projet vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Kaes. Als éischte Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Emile Calmes** *(DP).-* Majo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Projet de loi, dee mer haut hei wäerte stëmmen, huele mer nach eng weider vun deene sëlleche budgetären Adaptatioune bei de Bauprojete vir, déi leider scho laang keng Ausnahm méi duerstellen, mä villméi schonns an deem Haus hei zur Regel gi sinn.

D'Tatsaach, datt elo eng nei Prozedur ausgeschafft ginn ass fir déi grouss Bauteprojeten, täuscht awer net iwwert d'Gefill ewech, wéi wann an der Vergaangenheet zimlech oft blannemännechers geplangt gi wier, no dem Motto après moi le déluge, woubäi den après moi jo fir op d'mannst een Deel vun de Verantwortleche bis elo nach net emol ganz agetratt ass, fir en aneren Deel iwwerhaapt ni agetratt ass an och ni wäert antrieden, well déi einfach net méi do sinn oder awer zu Stroossbuerg sëtzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur, deem ech un dëser Stell fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport wëll Merci soen, ass am Detail net nëmmen op den Historique vun dësem Projet agaangen, mä och op déi eenzel Punkten, déi gespillt hunn, firwat mer elo eng Enveloppe nostëmmen, déi gutt 60% vun der initial virgesinnener Enveloppe vu 14 Milliarden ausmécht, an enger Héicht also vun 10 Milliarden aler Frang. Et soll ee sech dat emol eng Kéier gutt duerch de Kapp goe loossen! 10 Milliarden, dat ass kee Spaass!

A wann ech dem Rapporteur hei nogelauschtert hunn, da si mer nach guer net um Enn, an da kommen nach ganz vill där Milliarden hei derbäi, ouni dass mer dat Stéck emol huelen, dat laanscht Schieren féiert. Dat gehéiert zwar net zu dësem Projet hei. Ech fannen et och zimlech onglécklech, wann ee scho muss 10 Milliarden nostëmmen an een dann nach an Aussiicht stellt, datt nach e Sak vu Milliarden hei wäert nokommen. Wann een da kuckt, firwat déi zousätzlech Enveloppe esou héich ausgefall ass, da liicht engem dat alles an. Mä déi Enveloppe schéngt awer einfach ze héich ze si fir ze maachen, wéi wann dat einfach esou normal wier.

Duerfir kann ee sech pour le moins awer net félicitéieren, datt elo op eemol festgestallt gëtt, datt d'A1 méi breet gebaut muss ginn. Och d'Tatsaach, datt beim Echangeur vum Gréngewald grouss Modifikatioune par rapport zum initialë Projet komme mussen, fir dem Verkéiersopkomme méi Rechnung droen ze kënnen, mécht een awer stutzeg. Konnt een net duerch Etüde virausplangen, wéi grouss d'Verkéiersopkommen op deene Plazen do kéint sinn?

Wat d'Mesures compensatoires ubelaangt, déi och vum Rapporteur hei ugeschwat gi sinn, wou elo net nëmmen een iwwerierdesche Passage à gibier ewechfält, mä och 13 ënnerierdesch Passage-à-gibieren, kréie mer da gesot, dat wier an der Theorie esou schéi gewiescht, an der Praxis wier dat net realisabel. Do dernieft kënnt ee jo da soen, da misst de Projet méi bëlleg ginn. Mä wann ech dat emol esou hei nodenken, wat dann hei steet, da froen ech mech wat de Juegdpiechter dann elo seet, deen dat Lous do huet, wann herno seng Lousen an zwee gespléckt wäerte ginn, wann dat do dann net realiséiert gëtt.

All déi Saachen, mengen ech, sollen een op jidde Fall net dovun ofhalen, am Gréngewald an iwwerhaapt op der Nordstrooss déi Mesures compensatoires ze realiséieren, déi sech hei imposéieren. Net méi spéit wéi dës Woch hu mer eng Note vum Ëmweltministère kritt. Wann een déi richteg duerchliest, dann huet een awer d'Impressioun wéi wann nach net ganz vill dovu realiséiert wier. Mir wëssen net - an et ass kee méi, dee sech engagéiert -, wéini datt d'Nordstrooss fäerdeg ass, mä ech weess net ob nach een heibanne wäert d'Enn vun der Realisatioun vun de Mesures compensatoires erliewen.

Schliesslech wat den Tunnel Grouft ubelaangt, huet ee Versteesdemech fir déi Mesuren, déi geholl gi si fir d'Sécherheet vun deem Tunnel do optimal ze gestalten; Stéchwuert Galerie d'accès de secours. Et freet ee sech just, ob een awer net am Projet initial de Waassertuerm schonn hätt kënnen aplangen, well den Approvisionnement vum Tunnel mat Waasser huet jo esou oder esou misse virgesi ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee wéi gesot eng ganz Rei vu Mesuren novollzéie kann, esou werft dëse Projet de loi awer eng ganz Rei vu Froen op iwwert d'Planung vun esou engem enorme Projet, deen d'Nordstrooss nun eemol duerstellt. Do sinn eng ganz Rei vu Saachen, mengen ech, dach awer net esou duerchduecht ginn, wéi se dat vun Ufank un hätte solle ginn. Mir hunn eis mam Ministère elo eng nei Prozedur ginn. Ech hoffen, datt an Zukunft och dat, wat ouni déi nei Prozedur hätt kënne seriö virgeplangt ginn, mat där néideger Seriositéit geplangt ka ginn.

Ofschléissend wëll ech dann awer den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi hei ginn an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Calmes. D'Wuert huet dann den honorabelen Här Diederich.

**Une voix**.- Dat geet schnell!

**M. le Président**.- Dat war excellent!

**M. Fernand Diederich** *(LSAP).-* Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen iwwert d'Noutwendegkeet vum Bau vun der Nordstrooss tëschent Lëtzebuerg an Ettelbréck gëtt et en allgemenge Konsens, och wann doriwwer vill diskutéiert a gestridde gëtt a ginn ass. Ech wëll zum Beispill soen, datt de Contournement vu Schieren an och vu Kolmer - ech weess dat zimlech genau - eis ganz vill bruecht huet. Ech géif soen, datt de Verkéier do zu 90% aus der Uertschaft erausgeholl ginn ass, esou datt mir op alle Fall gutt mat där Situatioun de Moment kënne liewen.

Et kann een och bedaueren, datt et vläicht esou laang gedauert huet bis d'Nordstrooss ugefaange ginn ass. Ech mengen ech sinn Enn der 60er Joren op Nanzeg gefuer. Du war och nach d'Zirkulatioun déi, wéi Verschiddener hei se kannt hunn, duerch Pont-à-Mousson, duerch all déi Dierfercher bis op Nanzeg. 1970 war déi Strooss fäerdeg. Dat si méi grouss Länner, et gëtt aner Gegebenheeten do vläicht, fir grouss Regiounen unzebannen, mä trotzdeem sinn och déi Zäit schonn Uertschafte wéi Wittlich a Bitbuerg an Däitschland contournéiert ginn.

D'Situatioun ass och hautdësdags intenabel, wann ech nëmme kucke moies um Véierel op siwen, beim Kleins Jempy hei zu Heeschdref um Carrefour geet et un, oder de Mëtteg um hallwer zwou fir heihinner zu Koplescht,…

**Plusieurs voix**.- Ooohhh, aaahhh!

**M. Fernand Diederich** *(LSAP).-* …do kann ee wéi gesot annerhallef Stonn rechne bis een hei an der Stad am Zentrum ass.

Datselwecht gëllt fir d'Schläichweeër. Ech brauch der nëmmen e puer opzezielen, déi meescht kennen se entre-temps. Vu Miersch geet et net méi iwwert d'National 7, mä et geet iwwer Gousseldeng, Pretten, Hënsdref, Mëlleref, Steesel, erëm bei den Här Klein, et geet duerch d'kromm Längten zu Walfer bis op Eech, Dummeldeng, an et geet laanscht fir op de Stafelter, wou een nom anere kënnt, wou de Moment kee Mënsch méi um Stafelter erauskënnt.

**Une voix**.- Den Här Klein fiert awer och duerch d'kromm Längten.

***(Hilarité)***

**M. Fernand Diederich** *(LSAP).-* Grouss Problemer gëtt et och zu Walfer. Mir hunn eng Petitioun do leie gehat viru kuerzem an der Petitiounskommissioun vu Leit, déi an där Strooss wunnen, vum Stafelter erof a Walfer, wou wierklech de Moment onméiglech Zoustänn herrschen.

Och op der Stäreplaz zu Miersch geet näischt méi. Déi riets Pist ass dauernd blockéiert, d'Camione kënnen net do fueren, well se mussen zwou Piste besetze fir d'Kéier ze kréien op der Place de l'Étoile.

Ech wëll keng Diskussioun féiere wéi déi, déi viru kuerzem nach zu Luerenzweiler gefouert ginn ass iwwer Ost- a Westvariant. Ech menge wann ee weess, datt d'Camione bis op Schëndels fueren, dann de Bierg aus op Keespelt, sou ass dat och keng Léisung fir déi nächst zéng oder 15 Joer, awer do muss, wéi gesot, eng Léisung fonnt ginn, och wa se iwwert d'Tangente Ouest leeft oder egal wéi.

Et gëtt och Rivalitéiten, aner Usiichte vun enger Gemeng op déi aner. Ech mengen ech kann et roueg hei soen: Déi Mierscher hätte gäre wa muer géif de Contournement bis op Luerenzweiler opgoen, fir datt se hir Stäreplaz an och den Zentrum entlaascht kréichen. Luerenzweiler a Lëntgen soen, hoffentlech bleift Walfer nach laang zou, fir datt mer net all de Verkéier duerch eng N7 gedréckt kréien.

Ech wëll awer och de Ponts et Chaussées Merci soe fir déi nei Mesuren, déi de Moment geholl si ginn an der Konstruktiounsphas zu Luerenzweiler. Esou hu se zum Beispill opgepasst, fir de Leit do entgéintzekommen, fir verschidde Mesuren ze huelen, fir de Kaméidi ze begrenzen. Si hunn e Quai ageriicht op der Eisebunn, fir och den Transport ze reduzéieren. Si hunn och mat de Leit gekuckt fir, wéi gesot, États des lieux ze maache vun hiren Haiser, wou d'Leit Angscht haten, datt bei Sprengungen do kënnte Schied un hiren Haiser entstoen.

Et bleift ee Problem awer och fir d'Zukunft. Ech war op enger Réunioun op der Base nationale zu Lëntgen, wou en Exposé gehale ginn ass iwwert d'Sécherheet herno an den Tunnelen, an do war eng grouss Suerg vun de responsabele Leit, souwuel vun de Pompjeeën aus dem Kanton, wéi gesot Miersch, der Vallée de l'Alzette bis op Walfer, awer och der Protection nationale, wien iwwerhaapt do zoustänneg ass. D'Jongen hu gemengt si kéinten net d'Verantwortung iwwerhuelen, fir Leit vun de Pompjeeën do eranzeschécken, an et muss ee kucken, datt eventuell eng Équipe spéciale muss fir déi Zwecker do bereetgestallt ginn.

Ech wëll net agoen op den Avis vum Conseil d'État; et ass alles vum Här Rapporteur gesot ginn, an allen Detailer, iwwert dat wat de Conseil d'État zu deem Projet hei ze soen huet.

D'Ursaache sinn och bekannt. Déi héich Dépassementer si vum Rapporteur erkläert ginn. Ech wëll just drop opmierksam maachen, dass awer dee gréissten Deel op Sécherheetsmoossnamen zréckzeféieren ass, am Tunnel besonnesch, no Accidenter déi am Ausland geschitt sinn, a Frankräich an an Italien, sou dass do och nei Erkenntnisser komm sinn. An ech mengen d'Sécherheet huet hire Präis a mir mussen d'accord si fir déi drëtt Voie do mat bäizehuelen an och aner zousätzlech Sécherheetsmesuren nach anzeplangen.

Erlaabt mer nach kuerz en Detail: Zu Blaaschent ass et een Aschnëtt vun dem Viaduc an dem Paysage, an ech mengen och do ass eng adequat Beleuchtung wichteg, fir eng besser Integratioun vun dem Bauwierk an d'Landschaft ze erméiglechen.

Erlaabt mer zum Schluss nach e Wuert iwwert d'Mesures compensatoires. Do informéiert eng Note vum Ëmweltminister iwwert den Avancement vun de Mesuren. Éischtens sollen déi Surfacen, wou de Bësch suppriméiert gëtt, ganz duerch nei Plantatioune kompenséiert ginn, an dëst op enger Gesamtfläch vu 70 ha. Doniewent gesäit d'Gesetz vu '97 de Prinzip vum Aménagement vun engem Fiichtgebitt, Zone humide, am Uelzechtdall vir, dëst op enger Surface vu 64 ha, tëschent dem Viaduc an den Uertschafte Pretten a Lëntgen. Ausserdeem informéiert d'Note iwwert de Programm vun natierleche Liewensraim am Mamerdall, de Passage à gibier bei Réngelbour iwwer eng Längt vun 150 Meter, sou wéi eng Lëscht vun deene verschiddenen Etüden, déi am Kader vun der Route du Nord realiséiert gi sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss an hoffen, datt bei der Realisatioun vum leschten Tronçon keng weider Komplikatiounen optriede wäerten, datt d'Aarbechten an den Délaier kënnen ofgeschloss ginn, datt déi supplementar Enveloppe, déi mer haut stëmmen, net wäert dépasséiert ginn, an ech wëll heimadder den Accord vu menger Fraktioun zu deem wichtege Gesetz ginn.

Ech soe Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Diederich. D'Madame Loschetter huet elo d'Wuert. Madame Loschetter!

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi 14 Kilometer Nordstrooss, déi d'Stad Lëtzebuerg mat Miersch verbannen, gehéieren an d'Guinnessbuch vun de Rekorder. Si ass déi deierste Strooss vun der Welt, mat engem Kilometerpräis vu 40 Milliounen Euro. Dës 14 Kilometer kaschte bis elo 560 Milliounen Euro, iwwer 24 Milliarden aler Frangen; et ass eng Adaptation budgétaire vu plus 52%. Hei bei der Nordstrooss gi mer ganz kloer net de séchere Wee, mä den deiere Wee.

Et ka sinn, datt dës Strooss eis erlaabt vläicht de Weekend méi séier

an d'Éislek ze fueren, oder vun enger Nordstad an d'Stad. Et kann och sinn, datt verschidden Dierfer oder Klengstied aus dem Uelzechtdall an enger éischter Phas vum Duerchgangstrafic wäerten entlaascht ginn.

Och wann dës zwou Verbesserungen eng sécher Saach wieren, dann nach stelle mir eis seriö d'Fro, ob de Stat an déi jeeweileg Regierungen déi richteg Entscheedung getraff hu fir 559 Millioune Euro, also en Total vu 25 Milliarden aler Frangen, esou eng Schnellstrooss ze bauen. A mir stellen eis d'Fro, ob mir an dësem Land soss keng Prioritéite gehat hätte wéi 25 Milliarden aler Frange fir 14 Kilometer Strooss auszeginn.

Hätt een net kënne mat aneren Décisiounen Dierfer am Uelzechtdall vum Trafic entlaaschten a fir Miersch, Schieren oder Ettelbréck eng aner Form vu Contournement entwerfen? Fir zwee Drëttel vun dëse Suen hätte mer haut dee komplette BTB-Programm de Bierger an de Biergerinnen ze proposéieren a mir wieren dobäi e Mentalitéitswandel a puncto Fortbewegungspolitik ze beobachten.

Et ass awer net esou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer op där enger Säit d'Baue vun der Nordstrooss hunn, mat deenen zwee oder dräi eventuelle Virdeeler, an notamment fir d'Gemengen, an datt mer op där anerer Säit d'Fro vun der Rechtfertegung vum Präis hunn. Et geet hei praktesch genau aacht Joer nom éischte Vote vun dësem Tronçon Lëtzebuerg-Miersch nach ëm vill méi dramatesch Saachen.

Vill vun lech heibannen, an et ass scho gesot ginn, erënnere sech un déi beweegten Diskussiounen ëm de Bau vun der Nordstrooss, an och de Grond firwat déi gréng Fraktioun de Courage hat, als eenzeg Partei géint dëse Projet ze stëmmen. Haut mierke mer, datt mir mat eiser Wäitsiicht Recht haten, souwuel um verkéierspolitesche Plang wéi och um ëmweltpolitesche Plang.

Um verkéierspolitesche Plang stousse mer tatsächlech um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg op eng Sakgaass. Et ass haut schonns gewosst, dass d'Osttangente net déi erwaarte Verkéierserliichterunge wäert bréngen. Dofir gëtt elo ganz seriö, no der Osttangente, och elo zousätzlech konkret un enger Westvariant geschafft, an de Bauteminister schwätzt och schonn an der Chamberskommissioun vun enger Décision de principe.

D'Nordstrooss léist de Mobilitéitsproblem an dësem Land net. D'Zuele weisen, datt den Trafic net ofhëlt op där Streck, mä zouhëlt. De „modal split" stagnéiert a mir sinn nach wäit ewech vun deenen ugestriefte 25/75.

Den öffentlechen Transport war och an deene leschten aacht Joer keng Prioritéit fir déi lescht Regierungen a mir wäerte genau an déi Situatioun kommen, wou mer eng Schnellstrooss wäerten aweien, parallell awer zäitgläich keng verbessert a méi performant Offer vum öffentlechen Transport wäerten unzebidden hunn. Obwuel e verbesserten öffentlechen Transport en Deel vum Projet war; e Ganzt ass deemools gesot ginn an och festgehale ginn; e Ganzt.

Gemeinsam, och mat de Mesures compensatoires, si mer haut an der Situatioun wou den öffentlechen Transport säi Réckstand par rapport zum Stroossebau net méi wäert kënnen ophuelen. Eng Nordstrooss geet vu Miersch an d'Stad, duerch de ganzen Uelzechtdall an duerch de Gréngewald; déi vill ernimmte Bahnhybrid bleift op der Streck.

Mir mussen haut feststelle bei dëser eigentlech skandaléiser Adaptation budgétaire, datt de politesche Wëllen, ausdrécklech an eenzeg deen ass, fir dës Strooss ze bauen, ouni awer eng seriö Politik ze maachen, souwuel a puncto öffentlechen Transport wéi am Ëmweltschutz, an dat gesi mer och an der Adaptation budgétaire; ech kommen nach dorop zréck.

An deem vum deemolege sozialisteschen Ëmweltminister wéi och sozialistesche Bauteminister geluefte Package vum Stroossebau, Ëmweltschutz an öffentlechen Transport bleift genau aacht Joer duerno am Package eenzeg an eleng de Stroossebau.

Här President, nom Vote vun der Nordstrooss virun aacht Joer am Juli 1997 hu Projete vun nationaler Reform am öffentlechen Transport fir vill politesch Akrobatië gesuergt. Obwuel zu dëser Zäit de Stat déi finanziell Méiglechkeete gehat hätt, fir nieft dann eben dëser onëmgänglecher Nordstrooss eng fantastesch Offer un öffentlechem Transport ze realiséieren, huet de politesche Courage gefeelt fir eng konkret Ëmsetzung.

D'Wahle sinn um Bockel vum öffentlechen Transport gewonnen a verluer ginn, mä schlussendlech sinn déi grouss Verléierer de Bierger an d'Biergerin, well si sinn et, déi haut déi deierst Strooss vun der Welt bezuele mussen, ouni awer déi versprache Kompensatiounen ze kréien. Ech kommen och nach eng Kéier drop zréck. Keng performant Verkéiersalternativ a keng Rücksicht op d'Ëmwelt.

Den öffentlechen Transportprojet huet e puermol den Numm gewiesselt, mä bis haut ass nach net kloer, wat da schlussendlech konkret wäert realiséiert ginn. Mir bleiwen an enger Verkéierspolitik, déi ausschliesslech hir Prioritéiten - an de Budget beweist et haut - op de Stroossebau setzt. Dat ass e politesche Choix, deen ass geholl ginn, demokratesch, dat akzeptéiere mer och. Mä mir wëllen awer hei ënnersträichen, datt et net stëmmt, datt gradesou vill an den öffentlechen Transport investéiert gëtt.

Dëst stëmmt eréischt, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, wann déi noutwendeg Budgeten dofir, an hir eben eventuell Adaptations budgétaires dozou, fir den öffentlechen Transport dann och hei gestëmmt ginn.

An ech kommen elo gären zum zweete Volet vun deem Package, zu de Mesures compensatoires am Beräich Ëmweltschutz. Do waren an deem éischte Projet 850 Millioune aler Lëtzebuerger Frange virgesi fir Mesures compensatoires. Dëst waren déi schwéier erkämpfte Bedingungen, fir datt iwwerhaapt eng Schnellstrooss duerch en Naherhuelungsgebitt, duerch e Quelleschutzgebitt an duerch den Uelzechtdall dierft gebaut ginn, iwwregens och duerch de Gréngewald.

Et ass vill polemiséiert ginn iwwert dës Moossnamen - trotz engen etlechen Etüden, déi gemaach gi sinn. Extra Gesetzer sinn ausser Kraaft gesat ginn an duerch nei Reglementer ersat ginn. All dëst hat awer eng an eng eenzeg Ursaach, nämlech „de limiter les dégâts". „Limiter les dégâts" war effektiv de Motto an dëser Chamber virun aacht Joer, well gewosst war, datt mat dem Bau vun der Nordstrooss Ëmweltschied géingen entstoen, déi net méi réckgängeg ze maache wieren.

Eng sëllechen Etüde si gemaach ginn an och bezuelt ginn, net fir ze evaluéieren, ob de Projet iwwerhaapt ëmsetzbar wier; Etüde si bezuelt a gemaach ginn - e bëssen esou wéi ee sonndes e puer Sou an den Afferstack gehäit -, fir mat beschtem Gewësse kënnen dann déi Nordstrooss ze bauen. Fir den deemolege sozialistesche Bauteminister waren d'Ëmwelt an den Ëmweltschutz wierklech keng Prioritéit. Hie war zwar och gläichzäiteg Ekonomie-s-Minister, mä hien hat ebe keng gréisser Kompetenze fir Ekologie an Ekonomie glécklech mateneen ze verbannen.

Ech zitéieren: „Das vorliegende Projekt, insbesondere aus Sicht von Fauna und Flora, von Erholung und Tourismus, der Land- und Forstwirtschaft sowie aus landschaftsschützerischen Überlegungen, muss als nicht umweltverträglich beurteilt werden." Dat war d'Konklusioun vun der Baseler Etüd, vum Bauteminister staark relativéiert, mä déi eben dozou gefouert huet, datt eng Rei Mesure-compensatoiren an eigentlech strikt Regele beim Bau vun der Nordstrooss festgeschriwwe gi sinn.

Ech muss och soen, datt effektiv déi Reglementer, a si heeschen «déterminant les conditions à respecter et les mesures à prendre en matière de protection de la nature, de restauration et de compensation des milieux naturels», zimlech prezis, detailléiert an och komplett sinn. Haut, aacht Joer duerno, ass awer séier wéineg geschitt mat deenen 850 Millioune Lëtzebuerger Frangen, an e gudden Deel vun de Mesure-compensatoirë sinn net ëmgesat ginn a wäerte wahrscheinlech oder zum Deel och sécher net ëmgesat ginn.

Am Projet de loi vun haut huet d'Regierung och wéineg Skrupel, fir einfach am Paragraph iwwert d'«dispositions relatives aux mesures compensatoires» ze schreiwen, an ech muss et wierklech zitéieren, well doriwwer huet eigentlech bis elo nach kee Mënsch geschwat: «Il s'est avéré que la construction d'un passage à gibier sur la route nationale N11 est techniquement très difficile voire impossible à réaliser en raison de la topographie du terrain.» Eng Topographie, déi awer déi lescht aacht Joer net wesentlech geännert huet.

An da weider: «Par ailleurs, les experts en matière de chasse sont d'avis qu'un tel ouvrage très coûteux» - très coûteux! - «n'apporte pas les résultats escomptés sur le plan cynégétique alors qu'il serait aménagé parallèlement à la nouvelle autoroute.» Ouni engem wëllen heibannen an dobaussen ze no ze trieden, verstinn ech awer net richteg, firwat «experts en matière de chasse» déi kompetent Leit sinn, fir ze jugéieren, ob en «passage à gibier» dann, ofgesinn dovunner, ob en «très coûteux» ass oder net, e Sënn huet fir gebaut ze ginn oder net. Dat ass eppes, Här Minister, do wär ech frou, wann Dir eis herno kéint zu deenen Experten an zu där Etüd vun deenen Experten eng Explikatioun ginn.

Datselwecht gëllt: «Pour ce qui est des 14 passages souterrains pour petit gibier, 13 passages seront irréalisables sur le plan technique en raison du profil en long de l'autoroute» an esou weider. «Le comité interministériel chargé du suivi des mesures compensatoires (…) partage cette façon de voir.» Esou e Paragraph an esou engem Projet de loi, wann een d'Antécédenten an och d'Konditioune vun der Stee - hat deemools deen deemolegen Ëmweltminister gesot -, wann ee weess wat do alles festgesat gi war, fir datt iwwerhaapt eng Strooss dierft gebaut ginn, ass haut an enger Adaptation budgétaire e Skandal!

Ech hu mer an där zoustänneger Chamberskommissioun soe gelooss, datt deemools scho gewosst war, datt dës Mesurë schwéier ëmsetzbar wieren. Et hunn Ëmweltschützer deemools och gesot, si géingen drun zweiwelen, ob dës Mesuren ëmsetzbar wieren. Ech muss soen, datt ech dat eigentlech net ganz seriö fannen!

Entweder sinn esou Mesuren net ëmsetzbar an da schreift een se net an ee Règlement grand-ducal an net an ee Gesetz, oder, wann et an engem Règlement grand-ducal oder an engem Gesetz steet, Här President, Här Minister, da mussen se och ëmgesat ginn! Soss brauche mer jo iwwerhaapt keng Reglementer a keng Gesetzer méi hei ze schreiwen! Wann ech géif zynesch ginn, géif ech soen, da brauche mer och net hei ze sëtzen.

Ech géif och gäre wëssen, wéi et ass mam Fiichtgebitt am Uelzechtdall. Et gëtt verschidde Questionparlementaren aus de Majoritéitsparteien zu deem Sujet, déi verdächteg ouni Äntwert bleiwen. Och do schéngt eng wichteg Mesure compensatoire net ëmgesat ze ginn.

All déi virgesinne Mesure-compensatoirë musse laut Gesetz vun 1997 Artikel 6, also d'Gesetz vun der Nordstrooss, bannen zéng Joer realiséiert ginn. Et bleiwen also elo nach genee zwee Joer. Et ass praktesch nach keng realiséiert, Här Minister. Wéi soll dat elo virugoen?

An dann ass nach eppes Interessantes, wat ech erëmfonnt hunn: Beim Vote vun der Nordstrooss 1997 ass eng Motioun an der Chamber gestëmmt ginn, déi eragereecht gi war vum Här Scheuer. Den Här Scheuer war deemools de President vun der Commission des Travaux publics, an déi Motioun war ënnerschriwwe vu Membere vun der LSAP a vun der CSV, dat heescht deenen deemolege Majoritéitsparteien. Ech hunn déi Motioun hei. Déi seet ënner anerem och an engem Tiret «à saisir annuellement la Chambre d'un rapport portant sur l'évolution et l'exécution des travaux, ainsi que sur la mise en oeuvre des mesures compensatoires».

Wéi oft ass hei e Rapport annuel an der Chamber presentéiert gi mat de Mesure-compensatoiren? An, Här Minister, wéi gedenkt Der elo, wou Dir jo Bauteminister sidd, mat deene Mesure-compensatoiren zesumme mat Ärem Kolleeg aus dem Environnement dee Rapport annuel hei eis virzebréngen?

Här President, eigentlech fannen ech et net akzeptabel, datt am Parlament Texter gestëmmt ginn, sief et Reglementer, sief et Gesetzer, sief et och Motiounen, déi schlicht vun der Regierung net exekutéiert ginn! Ech hat mer déi Aarbecht heibannen eigentlech net esou virgestallt.

Ech hunn och an der zoustänneger Chamberskommissioun no engem detailléierte Plang gefrot, wou all Mesure-compensatoiren opgelëscht wieren an de Kategorien „realiséiert", „engagéiert" an „geplangt", an all Kéiers mam jeeweilege Budget dofir. Ech muss awer och soen, dee Plang, dee mer da gëschter, mengen ech, kritt hunn, ass zimlech nichts sagend. Et ass eng einfach Oplëschtung vun Etüden, et ass keng Zäit dra virgesinn, et ass och keng Budgetiséierung dra virgesinn, esou datt ech unhuelen, mä ech ka mech ieren, datt de Suivi, deen do virgesinn ass, vläicht net grad esou gutt fonctionnéiert, an ech wollt lech froen, Här Minister: Wéi oft gesäit sech dee Comité interministériel?

Ech wollt och froen, deen deemolegen Ëmweltminister hat beim Vote hei an der Chamber vun der Nordstrooss ënnerstrach, datt géife Leit agestallt ginn, déi sur place géingen dat Ganzt Dag fir Dag suivéieren. Sinn do Leit agestallt ginn? A wéi engem Ministère? A suivéieren déi Dag fir Dag dat wat op der Nordstrooss geschitt?

Och de Conseil d'État hat mat enger Opposition formelle gedroht, falls déi virgesi Mesure-compensatoiren net géinge mat de Suen, déi dofir virgesi sinn, finanzéiert ginn. Ech muss awer bäifügen, datt et eis net nëmmen ëm e quantitativen Aspekt vun de Mesure-compensatoirë geet. Elo gëtt haut an der Adaptation budgétaire gesot, majo, dat ass kee Problem, och wa mir déi Passages à gibier, déi iwwerierdesch, déi ënnerierdesch an esou weider, net kënnen ëmsetzen, da planze mer einfach e bësselche méi Bësch dohinner. Et gëtt awer och e qualitativen Aspekt vun de Mesure-compensatoiren, soss hätt een net brauchen an deem Gesetz vun 1997 eng ganz Oplëschtung vu verschiddene Mesure-compensatoiren opzeschreiwen.

Zum Schluss géing ech nach gären op den Tunnel Grouft agoen. Den Tunnel geet duerch eng Plaz, Här Minister, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wou d'Réimer schonns Waasserquellen entdeckt haten. Wéi komplizéiert datt déi Aarbechte wäerte ginn a wat fir ee Schued fir d'Waasser an d'Grondwaasser wäert entstoen, ass nach net virauszegesinn, zumools wou déi Reglementer an déi Moossnamen, déi virgeschriwwe sinn, jo net esou genee gelies oder ëmgesat ginn.

Ech muss lech soen, an deene Reglementer iwwert d'Mesure-compensatoirë steet eng Hällewull vu Saachen, wou ee muss oppassen, wann ee schafft, wat mam Waasser geschitt, wat verbrauchtend Waasser ass, wat erof an d'Grondwaasser geet an esou weider. Elo hoffen ech, datt dee Passage vun de Reglementer agehale gëtt. Mä vläicht kënnt Dir mech berouegen.

Op jidde Fall huet Luerenzweiler seng Waasserquell missen opginn, déi bis elo, obwuel kleng Problemer do waren, mä egal, komplett dat Duerf mat Waasser versuergt huet. Dat heescht, Luerenzweiler huet eng Quell manner an de SEBES huet e Client méi.

D'Geschicht vum Bau vun der Nordstrooss ass eigentlech, Här President, eng traureg Geschicht. Si ass eng traureg Geschicht fir d'Ëmwelt, eng traureg Geschicht wéi mir mat eise Ressourcen ëmgi wéi Waasser, Fauna a Flora, wat mer vläicht net direkt haut a muer gesinn, obwuel mer d'Strooss gesinn, mä vläicht a fënnef, zéng, 15 Joer, eng traureg Geschicht fir déi kommend Generatiounen, déi net wäerte verstoen, firwat mir eis hartnäckeg verkrampft hunn, fir prioritär all eis Mobilitéitsgestaltung an hire Budget a Stroossen ze investéieren.

Hätte mer eng Impaktstudie duerchgezunn, esou wéi se virgesinn ass an deem Projet de loi, deen nach ëmmer um Instanzewee ass an deen eng Direktiv vum Mäerz 1997 muss ëmsetzen, wier dës Nordstrooss ni esou gebaut ginn. Meng Kolleegen aus der Fraktioun, och aus där viregter Fraktioun, hu sech leider oft a vill misse fir d'Limitation des dégâts an dësem Dossier asetzen. Si hu konkret, ëmsetzbar a bezuelbar Alternative proposéiert. All Joer, wat elo vergeet, gëtt hinnen ëmmer e bësselche méi Recht an dësem Dossier.

Dat ass awer bei wäitem keen Trouscht fir eis, well hei geet et och ëm dem Steierzueler seng Suen. De Camille Gira hat viru fënnef Joer an dësem Haus zu deem Thema d'Fro gestallt, ob d'Chamber sech eng Kéier wëllt de Virworf gefale loossen, si hätt 15 Milliarde regelrecht an de Sand gesat. Haut kann ech déiselwecht Fro stellen: Wëllt d'Chamber sech eng Kéier de Virworf gefale loossen, si hätt 23 Milliarde regelrecht an de Sand gesat?

Dëse Projet a seng Ausmoosse si fir eis net ze verantwerten, an duerfir wäert déi gréng Fraktioun géint dëse Projet stëmmen. Ech soen lech Merci fir Är Gedold a fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Madame Loschetter. De leschte Redner ass den honorabelen Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech hunn net wëlles, hei eng generell Diskussioun iwwert d'Verkéierspolitik unzefänken. Ech hunn och net wëlles, hei iwwert de Sënn an d'Noutwendegkeet vun der Nordstrooss nach eng Kéier ze diskutéieren. Mir waren der Meenung, datt den nördlechen Deel, och en zentralen Deel vum Land, dozou eng anstänneg Stroosseverbindung bräicht a mir hunn déi Meenung zënterhier nach net geännert.

Allerdéngs muss ee feststellen, och bei dësem Projet - an ech

géing en nennen, dat hei wär de GAU, den absolut „größter anzunehmender Unfall“ vun der finanzieller Säit hier, dee mer bis elo am Secteur vun den Travaux publics haten -, wann ee gesäit, datt mer vu 15 Milliarde Frang deemools ausgaange sinn, datt mer elo 9,2 Milliarde Frang derbäisetzen, wat eng Augmentatioun vun 62% ausmécht, déi een dann, wann een d'Kreditter adaptéiert un de Bauindex, op 52% muss zréckféieren, da muss ee vläicht trotzdeem soen, bei esou engem deiere Projet wéi deem heiten, iwwer 50% Iwwerschreidung, do ass eppes schif gelaf.

Et gesäit een och relativ séier wou dat hierkënnt, well déi ganz Streck bal nëmmen aus Tunnelen a Brécke besteet. Déi, déi deemools hei derbäi waren, wëssen, wat fir e Kampf a wat fir e Krampf datt et war. Ech muss och soen, wat eis méi wichteg gewiescht wär wéi eng detailléiert Impaktstudie wär eng Etüd iwwer Streckevariante gewiescht, mat engem realistesche Käschtepunkt derbäi, datt een hätt kënne jugéieren, wat zum Beispill eng Westvariant kascht hätt, souguer wann ee beim Briddel och hätt misse streckeweis ënnert de Buedem goen, well dat jo anscheinend den Haaptproblem war.

Et ass deemools, an enger Psychos kënnt ee bal soen, décidéiert ginn, mir huelen dann d'Ostvariant, well et jo net anescht geet. A well mer agetriichtert kritt hunn, wa mer géingen duerch de Gréngewald fueren, da wär de Gréngewald definitiv futti, waren eng Partie Leit net d'accord fir déi Streck ze huelen, dees et géing een ënnert de Buedem goen. Et ass dat wat eis elo schrecklech wéideet.

Här President, d'Westvariant wär eigentlech déi logesch Variant gewiescht, a wéi gesot, mir hunn deemools keng alternativ Streckeféierungen dohinnergeluecht kritt an och net den entspriechende Käschtepunkt opgezeechent kritt.

Wann ee kuckt wou de Surcoût hierkënnt, da stéisst ee praktesch ëmmer op Tunnelen. Op der Sektioun 2: «Construction d'un château d'eau après l'élaboration d'études plus détaillées en ce qui concerne le ravitaillement en eau des tunnels. Tunnel 'Grouft', dépassement très substantiel dû à la 3e voie». Mir wëssen, datt dat komm ass opgrond vun deenen Accidenter, déi am Ausland waren, datt zousätzlech Sécherheet komm ass, eng ganz Partie Mesuren, wou mer elo net méi derlaanscht kommen, vu datt mer eis fir en Tunnel décidéiert hunn.

Dann eppes wat ech net verstinn: «Le devis détaillé du tunnel Stafelter dépasse le devis estimatif de 1996 de façon significative (...)» Déi Präisser gi jo ugepasst un de Bauindex, esou datt ee sech trotz allem muss froen: Wéisou ass déi Aschätzung do initialement esou falsch gewiescht? Éclairage spécifique, erëm op der Bréck, Tunnel de Gosseldange, wou mer woussten, datt do eng ganz krokeleg Geologie wär, déi héchstwahrscheinlech géing Problemer bereeden.

Här President, ech weess net ob et ee Land op der Welt gëtt, wat, wann eng Streckeféierung topographesch méiglech ass ouni Tunnel, esou eng Autobunn zu 50 oder wéi vill Prozent mat Tunnele géing aleeën, wann et net noutwendeg ass. Lëtzebuerg huet et gemaach, fir de Gréngewald ze retten. Woubäi all déi Leit, déi e bësse mat de Féiss um Buedem stinn, deemools och der Meenung waren, datt de Gréngewald duerch de Bau vun där Autobunn, wann een déi néideg Précautioune geholl hätt, net signifikativ geschiedegt gi wär, an et hätt ee ganz sécher mat deem, wat mer elo méi musse bezuelen, esou vill Mesures compensatoires duerch Uplanzungen an esou weider kënne maachen.

Ech wëll bei deem Kapitel 1 soen, eppes wat am Gesetz steet ass net gutt. Dat ass, datt déi Replantatiounen an där Gemeng oder an den ugrenzende Gemenge musse geschéien.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Dat ass eng Bestëmmung, déi een eigentlech misst änneren, well et leschten Enns net esou schrecklech wichteg ass, ob dat elo direkt an der Noperschaft replantéiert gëtt oder e bësse méi wäit ewech.

Här President, mir hunn deemools zougestëmmt, well mer och keen anere Choix gesinn hunn. Mir mussen awer haut verschidde Saache bekloen. Éischtens, datt mer wierklech déi Tunnelléisung do gewielt hunn. Dat anert ass eng Verkéiersplanung, déi relativ chaotesch ass.

An ech wëll dat nach drunhänken, well et och deelweis dozou geféiert: Mir wëssen, datt, wann de Verkéier aus dem Norden eng Kéier uewen ukënnt an der A1, et da ganz schwiereg do gëtt, an datt dat, wat ursprünglech geplangt war a wat gutt war, wat net onbedéngt hätt missen als Autobunn bestoe bleiwen, nämlech iwwert de Kierchbierg an d'Rout Bréck d'Verbindung eriwwer op Stroossen, duerch eng Décisioun, déi emol guer net vun dëser Chamber geholl ginn ass, elo futtigemaach ginn ass, esou datt mer elo obligéiert sinn, op Ëmweeër dann och nach eng Westtangent ze bauen, woumat mer jo och schonn deelweis amgaange sinn.

Wat een nach kënnt im Nachhinein maachen - a mir hunn et verschiddentlech gefrot -, dat ass sech ze iwwerleeën, ob mer dann den Tunnel Stafelter, dee mer net missten hunn, wou mer einfach an de Buedem ginn, well verschidde Leit gemengt hunn, et wär eng Katastroph wann ee géing uewen driwwer fueren, net kënnte suppriméieren. Mir kënnte mat deem Geld awer villes, villes an der Ëmwelt besser maachen.

Gleeft mer ës, déi Bëscher ginn net geschiedegt doduerch, datt emol eng Strooss muss doduerch gebaut ginn. Ech erënneren drun, datt de Moment scho véier Stroossen duerch de Gréngewald lafen. Si gi geschiedegt duerch aner Aflëss, chemesch Aflëss, atmosphäresch Aflëss, wou mer alleguer dru musse schaffen, fir datt mer déi Aflëss reduzéiert kréien, wou mer jo och deelweis domat amgaange sinn.

Mir hu wéi gesot dat verschiddentlech gefrot. Mir hunn dat bis elo ëmmer refuséiert kritt. Hei och nach eng Kéier: Mir gesinn d'Noutwendegkeet an, datt dee Crédit supplémentaire muss gestëmmt ginn, datt dat muss virugoen. Mä vu datt d'Regierung och hei keng Bereetschaft weist, fir wéinstens mol dat seriö an d'A ze faassen a mol ze soen: „Wat wär dann, wa mer deen Tunnel do net géinge bauen? Wéi vill géinge mer spueren? Wat fir een Impakt hätt dat?", duerfir wäerte mer eis och bei dësem Projet enthalen.

**M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. Ech si frou mat lech alleguer gemeinsam kënne festgestallt ze hunn, datt d'Debatt gewisen huet, datt - séileg - den Albert Bousser net responsabel ass um definitive supplementare Käschtepunkt, dee mer haut hei diskutéieren.

***(Hilarité)***

Dat gesot, huet awer elo den Här Minister Claude Wiseler d'Wuert.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics*.- Merci, Här President. Ech mengen ech hu festgestallt, ausser elo bei den Aussoe vun der Madame Loschetter, vun de Gréngen, datt d'Nordstrooss eng Strooss ass, déi mer brauchen. An ech mengen, datt mer se net nëmme brauche fir de Weekend an d'Éislek ze fueren, Madame Loschetter. Mä mer brauchen se fir den Territoire vun eisem Land esou ze organiséieren, datt och den Norde gutt kann desservéiert ginn duerch den Auto an datt déi Leit, déi do uewen am Norde wunnen an all Dag erof an d'Stad schaffe kommen, och d'Méiglechkeet kréie fir dat a Konditiounen ze maachen, déi korrekt a sécher sinn.

Ech wëll och, well mer haut net iwwert dat Gesetz vu virun aacht Joer schwätzen, mä iwwert dat Gesetz schwätzen, wat mer haut stëmmen, net nees eng Kéier op déi Diskussioun agoen - d'selwecht wéi virdru bei der Cité judiciaire -, wat fir ee Wee een hätt sollen, misse wielen oder net wielen. Well dat sinn alles Diskussiounen, déi sou iwwerflëssig sinn, wéi ech mer nëmmen iwwerflëssig Diskussioune ka virstellen, well se einfach dépasséiert sinn a well mer jo net d'Tunnelen erëm zouschëdden, déi mer gemaach hunn, egal zu wat fir enge Konklusioune mer géinge kommen.

Wéi ech virun néng Méint all déi Dossieren do krut, war et hei wéi an all deenen aneren Dossiere fir mech enorm wichteg, den Iwwerschlag ze maachen, fir genau ze kucke wou mer do stinn. An hei ass zum Beispill awer een Dossier, wou ech soen: Mir kommen an dëser Etapp heihinner, do wou nach Méiglechkeeten do sinn oder d'Liquiditéiten nach do sinn, och par rapport zum alen Text, a mir probéieren, esou wäit wéi mer et haut kënne gesinn, alles dat op den Dësch ze leeën, wat een elo ka gesinn, wat ee brauch fir dës Strooss dohinner ze kréien, fir se fäerdeg ze kréien, fir se vu Luerenzweiler bis op d'Tréierer Autobunn weidergebaut ze kréien.

Déi Käschten, déi mer hei zousätzlech hunn, si begrënnt gi vun deene verschiddenen Orateuren, hei explizéiert ginn. Et muss ee ganz kloer soen, datt d'Käschte sengerzäit ënnerschat gi sinn, well mer keng Erfahrungen haten am Tunnelbau a well den Tunnelbau eppes ass, wat d'Administratioun hei net kannt huet, op där enger Säit ënnerschat ginn ass, op där anerer Säit awer och an de Prévisiounen, esou wéi se gemaach gi si sengerzäit, net dat war, wat haut realiséiert ginn ass.

Mir haten, et ass schonn e puermol gesot ginn - ech insistéieren drop, well et fir mech wichteg ass -, an Zwëschenzäit eng ganz Rei grouss Accidenter an europäeschen Tunnelen. Doraus si Konklusioune gezu ginn, doraus si Moossname virgeschloe ginn, an déi Moossnamen hu mer hei ugeholl. Well mer einfach gesot hu sengerzäit, an ech fannen dat richteg, wa mer esou en Tunnel bauen, wa mer esou vill Leit all Dag duerch deen Tunnel iwwert déi Strooss fuere loossen, ma da musse mer awer kënne mat fräiem Gewësse soen, datt déi ënner Sécherheetskonditioune fueren, déi fir eis veräntwertbar sinn.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics*.- Et ass eng Pist méi gemaach ginn. Déi Pist kascht méi wéi just eng Pist méi, méi wéi just en Drëttel méi, well een einfach muss wëssen, datt wann een eng Pist méi wäit baut, einfach de Bou vill méi grouss gëtt an de Käschtepunkt méi wéi en Drëttel méi héich ass.

Dat hu mer gemaach aus Sécherheetsgrënn. Mir hunn deen Tunnel an der Mëtt gedeelt, aus Sécherheetsgrënn, an en Ausfahrtstunnel gemaach, fir datt mer am Fong, am Grouft, mat zwee Tunnelen ze dinn hätten. Einfach och do well mer erëm gesot hunn: D'Sécherheet muss garantéiert ginn a mir kënnen eis net erlaben, eppes anescht ze maachen.

Elo hätt ee kënne soen, et kann een dat virplangen. Et hätt een dat alles, déi do Saachen, kënne virausgesinn.

Ech weess et net. Vläicht, vläicht awer och net.

Et war einfach esou '96, datt mer eng ganz aner Situatioun haten, datt ganz anescht geduecht ginn ass. A wann een déi Tunnele kuckt, déi an de 70er, 80er Jore gebaut gi sinn, an déi déi haut och am Ausland gebaut ginn, ma da stellt ee ganz einfach fest, datt dat sengerzäit och aner Tunnele waren.

Mir hunn eis, wéi geplangt ginn ass, un d'Konditiounen, u Baumethoden, u Bau-Aart-a-Weise gehalen, déi déi vun där Zäit waren, an déi sinn elo ganz einfach anescht ginn.

Mir haten och e Rutschen am Tunnel. Hätt een dat kënne virausgesinn? Ech weess et net. Ech mengen net. Et ass geschitt, et ass onglécklech geschitt, mir haten net gär dass et geschitt ass, mä et ass awer geschitt. Et muss een dat einfach esou gesinn. Et muss een et aplangen.

Wéi gesot, wann den Här Calmes seet, et hätt alles misse virgeplangt ginn. Et hätte kënne vläicht eng Rei Saache virgeplangt ginn, wann ee méi Erfahrung gehat hätt am Tunnelbau. Mir haten awer net méi Erfahrung am Tunnelbau. Mä et hätt een awer sécher net kënnen alles virausgesinn, wat un Norme geännert huet a wat och op deem Chantier, au fur et à mesure wou de Chantier avancéiert ass, geschitt ass.

Et sinn och eng Rei Saache gemaach ginn, déi effektiv net virausgesi gi si sengerzäit, well een aner Konzeptiounen hat. Déi Opfahrt vun der Tréierer Autobunn op déi Streck ass ganz anescht concevéiert ginn, ass vill méi breet concevéiert ginn. Dir fuert all Dag, wann Der op d'Tréierer Autobunn fuert, driwwer. Déi Streck ass vill méi breet gemaach ginn. Déi Opfahrten an déi Ausfahrten an d'Stad Lëtzebuerg sinn elo méi sécher. Dat war och net esou am Initialprojet virgesinn.

Ech mengen dat ass elo, mat der Quantitéit vum Verkéier, dee mer all Dag op deenen Autobunnen hunn - a mengen Aen e wesentlechen Aspekt vun där ganzer Diskussioun -, awer eppes, wat net schlecht ass.

Dee Luuchtesystem op der Luerenzweiler Bréck war anescht virgesinn. Do ware klassesch Luuchte virgesinn. Déi sinn elo méi dekorativ, well se agebaut gi sinn an d'Gelännere vun der Pist selwer, well einfach au fur et à mesure festgestallt ginn ass, datt déi Bréck awer en extrem groussen Effekt op deen Dall do hätt, géing aschneiden, an datt een eben aner Méiglechkeeten hätt fir déi Luuchte kënnen hinzesetzen, wat dann eng vill méi grouss Integratioun vun där Bréck an déi Landschaft do méiglech mécht.

Et kann ee soen, et hätt een et kënne virausgesinn. Et ass awer elo eng Décisioun, déi geholl ginn ass, déi een net soll regrettéieren, datt se geholl ginn ass, well mëttel- a laangfristeg se awer vill dozou bäidréit fir déi Strooss an d'Landschaft ze integréieren.

Ech hunn e puer Lektiounen aus där ganzer Saach hei gezunn, an och d'Konsequenzen doraus - niewent deem wat mer virdru scho geschwat hunn, wat mer an deene Prozeduren, déi mir eis, Regierung a Chamber, hei zesumme ginn -, fir déi Saachen do ze évitéieren, do hunn ech eng Rei aner Konklusiounen heiraus gezunn.

Eng vun deene Konklusiounen ass a mengen Ae kloer. Mir hunn hei '96 e Gesetz gestëmmt, an dat och an deene Jore virdru geplangt, a mir hate jo laang virdrun Diskussiounen. Mir hunn e Gesetz gestëmmt a mir kréien dat, wat mer an der Zäit gestëmmt hunn, 15 Joer duerno: 2010, 2011, 2012 fäerdeg. An ech soen, ech hunn et schonn op ville Plaze gesot, an ech soen et nach eng Kéier hei: Ech mengen, datt et einfach net méiglech ass, 15 Joer am Viraus ze gesinn, wat ee Projet wäert kaschten, datt dat finanziell net méiglech ass, well d'Techniken änneren, well d'Soumissiounen änneren, well d'ekonomesch Situatioun ännert, well d'Präisser änneren a wat och nach alles an där Zäit do ka geschéien. Dat kritt Der net iwwerbléckt!

Dofir hu mer jo - an Dir waart dee Moment, wéi mer dat virun engem, zwee Méint gestëmmt hunn, domadder d'accord - de Projet Micheville zumindest an zwee, wann net duerno an dräi Deeler agedeelt. Well mer einfach soen, mir mussen eng Iwwerbléckbarkeet kréien. Mir mussen eis Délaië méi kuerz kréien a mir mussen eng Iwwerbléckbarkeet iwwer eis ganz Projete kréien. Dat erlaabt et eis d'Technik ze iwwerblécken an dat erlaabt et eis duerno och de finanzielle Volume ganz anescht unzegoen.

Mir mussen also, wa mer eng Nordstrooss nach eng Kéier ze stëmmen hätten, déi mer awer net nach eng Kéier ze stëmmen hunn, mä wa mer se nach eng Kéier ze stëmmen hätten, dann, mengen ech, misst een elo haut higoen an et misst ee sech eens ginn, wat fir een Tracé een huet, an et misst een deen och an engem Avant-projet sommaire kloer an däitlech definéieren, deen op den Dësch leeën, an da misst een higoen an deen Deel fir Deel, Tunnel fir Tunnel - oder wéi Der et och ëmmer wëllt - hei stëmmen; an dann hätte mer ganz aner Diskussiounen, déi sech hei géinge stellen, a mir kéinten op engem ganz aneren Toun matenee schwätzen.

D'Madame Loschetter huet gesot, dat hei wier déi deierst Strooss, déi jee gebaut ginn ass...

***(Interruption)***

…op der Welt.

Ech kann dat net novollzéien. Ech weess net.

***(Interruptions)***

Also et ass evident, wann Der e puer Tunnelen an enger Strooss hutt, datt déi Strooss sécherlech méi deier gëtt wéi 14 Kilometer Strooss, déi Der ouni Tunnel do hutt.

Mir hunn awer nogekuckt, wou mer an de Präisser do leien, wann d'Tunnele gebaut ginn, well mer eis elo wollten ofsécheren, wéi mer deen hei Projet an d'Chamber ginn hunn, datt mer hei d'Präisser awer géingen uginn, déi méi oder wéineger an deenen Normen wären esou wéi an Europa Tunnele gebaut ginn. Mir hu beim Centre d'Études des Tunnels nogefrot, mir hu beim Bundesministerium für Verkehr nogekuckt, mir hu beim President vun der Commission vum RABT - wat déi däitsch Tunnelsnorm ass - nogekuckt.

A mir stelle fest, datt mer mat deenen heite Präisser, déi mer elo fir déi Tunnelen asetzen - ech hoffen natierlech, Madame Loschetter, datt mer se elo an deem Präis gebaut kréien, mä mam Gousseldenger si mer jo fäerdeg, do hu mer d'Erfahrung, also kënne mer do scho soen, dass mer an deene Präisser dra sinn -, duerchaus mat deem Tunnelsbau, mat deenen dräi Pisten, mat deene Sécherheetsmoossnamen, do leien, wou mer eis kënne mat europäeschen Tunnele vergläichen. Et muss een ëmmer vergläichen, wat vergläichbar ass, esou dass ech déi Ausso op jidde Fall net kann esou deelen, wéi Dir se elo gemaach hutt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Wat dann d'Kompensatiounsmoossnamen ugeet, do muss ech soen, ech kann net op all Fro esou am Detail äntweren, well dat en fin de compte en Dossier vum Environnementsministère ass, deen net vun den Travaux publiques géréiert gëtt. Ech probéieren awer op déi eng oder déi aner Fro esou gutt wéi méiglech ze äntwerten.

Wat déi Passagë vum petit gibier ugeet, déi mer suppriméieren, wou der 14 drastoungen a mer just ee maachen an 13 net gemaach ginn,

do gëtt da gesot: Jo Dir hätt dat jo awer technesch kënne wëssen, ob se machbar sinn oder net.

An do ass d'Äntwert awer ganz kloer: Wann Dir am Avant-projet sommaire den Tracé vun enger Strooss maacht, dann hutt Dir nach net onbedéngt - an ech kennen net déi technesch Termë genau - déi Déift an déi déi Strooss dann an den Terrain leie kënnt. Déi ass net definéiert am Viraus. Déi gëtt eréischt duerno, wann de Projet definitiv gëtt a wann d'Pläng definitiv ginn, da gëtt u sech déi genau Déift op deene verschiddene Plazen definéiert. Hei hu mer festgestallt, datt déi Strooss, wann ech mech gutt erënneren, 6 oder 7 Meter an den Terrain eraleie kënnt, wat et u sech onméiglech an iwwerflëssig mécht, datt mer nach dann ënnendrënner där Passages pour petit gibier maachen.

Wat dann de Passage pour gibier ugeet, do gëtt mir gesot, datt et cynégétesch net sënnvoll wär dat ze maachen, well wann een iwwert d'RN11 dat lafe géing loossen, géing een u sech déi Déieren, déi iwwert d'Strooss ginn, an eng Zort Poche erandreiwen aus där se duerno net méi géingen erauskommen. Dat ass d'Explikatioun firwat deen do net sënnvoll ass.

An dann dat Fiichtgebitt am Uelzechtdall, no deem Dir gefrot hutt, ass a sech effektiv amgaange studéiert ze ginn. Déi Etüde sinn och eraus fir ze kucke wou een do kann e Fiichtgebitt maachen. Mä wéi gesot, alles dat leeft ënnert der Tutelle vum Ministère de l'Environnement.

Mä do stellen sech natierlech och alleguer déi Froen, déi sech och op aneren Terrainë stellen, an dat ass de Grond firwat och nach net an deem Sënn bei all deene Kompensatiounsmoossnamen esou vill gemaach ginn ass, wéi ech mer kënnt wënschen a virstellen datt gemaach gi wär, well mer ganz grouss Problemer hunn, fir Terrainen ze kréien. Dat steet och an där Note, déi den Här Lux lech eragescheckt huet. Et ass net einfach Terrainë fir déi do Moossnamen ze kafen, och well een à l'amiable net alles ze kafe kritt mat räsonnabele Präisser. Duerfir muss een eventuell op en anere Wee goe fir déi Terrainen ze kréien, iwwert de Wee vun den Expropriatioune goen. Dat ass awer momentan nach net gemaach ginn.

**M. Charles Goerens** *(DP).-* …een Deel vun de Renaturatiounen, déi scho gemaach gi sinn am Uelzechtdall, zum Beispill zu Steesel an zu Walfer, gëlle loosse fir Kompensatiounsmoossnamen. Dat ass och dat wat e Virriedner gesot huet, datt jo net alles muss an dërselwechter Gemeng kompenséiert ginn. En plus wëll ech drun erënneren, datt den Office national du Remembrement eng Partie Terrainë kaaft huet. Et ass net wéi wann nach näischt geschitt wier bis elo.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics.-* Absolut richteg, et ass jo och dat wat den Här Lux a senger schréftlecher Note eraginn huet. Mä ech wëll just soen, wa mer wëlle weiderkommen, da musse mer wahrscheinlech an déi aner Prozedur eriwwergoen. Et ass sécher net esou wéi wann näischt geschitt ass. Ech weess awer net wéi mer déi Moossnamen, déi mer awer wichteg sinn an déi och gesetzlech festgehale sinn, wéi mer déi sollen zu engem Schluss féieren, well et ass net evident all déi Terrainen à l'amiable ze kréien, obwuel ech absolut d'accord mat lech sinn, dass schonn eng ganz Rei Effortë gemaach gi sinn.

Ech wëll awer just soen, wat all déi Froe vum Comité interministériel ugeet - ech weess net a wat fir enger Regelméissegkeet en zesummekënnt, well en net ënner menger Tutelle steet -, do huet den Här Lux mer gesot, datt hie ganz gär, wann dat Reglement elo geännert gëtt, an dat musse mer jo zu engem Deel upassen un d'Gesetz vun haut, datt hien da ganz gär an d'Environnementskommissioun dat mat den Deputéierten duerchdiskutéiere kënnt, fir do an allem Detail an an aller Kloerheet op déi Punkten an op déi Froen, déi an deem Kader op sinn, lech ze äntwerten.

Wat d'Waasserquellen ugeet am Tunnel Grouft, do ass et esou, datt ee selbstverständlech sech där dote Problematik bewosst ass, an datt e ganz enke Contrôle vun der Nappe phréatique gemaach gëtt, vun all deene Quelle gemaach gëtt, datt déi och vum Service géologique vun de Ponts et Chaussée scho suivéiert ginn. An ech wëll net soen: Eng Quell manner, dann huet d'SEBES en neie Client. Et gehéiert nun einfach zur ganzer Politik, datt mer probéieren, datt d'Waasserversuergung vu verschiddene Quellen, vun der SEBES an anere Quellen, hierkënnt, well et een einfach méi ofséchert wann een zwou verschidde Sourcë vu sengem Waasser huet.

A wat déi Opposition formelle vum Conseil d'État ugeet, do ass et esou, datt mer jo esou wéi mer dat an der Kommissioun ofgemaach haten, de Conseil d'État informéiert hunn, datt déi Moossnamen, déi geholl ginn, an Zukunft ënnert den Artikel 5 falen, esou wéi se haut énumeréiert sinn am Gesetz. Esou datt aus deem Grond u sech déi Opposition formelle, déi ugedroht gi war, falls net all déi Moossname géingen dodrënner falen, och sech hei an dësem Fall net stellt. De Conseil d'État huet eis och geäntwert, datt hien dat zur Kenntnis geholl hätt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

An da wëll ech nach soen, datt schlussendlech wat d'Délaien ugeet, deen hei Text jo virgesäit, datt déi compensatoire Moossnamen, déi den Text an d'Reglement virgesinn hunn, datt do den Délai fir se ze realiséieren deen ass, datt bis zu dräi Joer no der Fäerdegstellung vun der Route du Nord dat ka gemaach ginn, well mer einfach gesinn hunn, datt an deenen Délaien, esou wéi se am initialen Text virgesi waren, et net méiglech wier. A well et awer selbstverständlech eng Bestriewung ass vun der Regierung fir déi Texter hei anzehalen, hu mer deen Délai och an deem Sënn ëmgeännert, fir datt mer eis och nach kënnen an deem legale Kader an Zukunft bewegen.

Da wëll ech zum Schluss nach eng Remarque maachen zu deem wat den Ali Kaes gesot huet, wat awer net, muss ech soen, an den Text hei erapasst, well mir schwätzen hei iwwer ganz grouss Dépassementer op der Nordstrooss an den Här Kaes freet mech direkt fir dann och un déi iewescht Pist vun der Nordstrooss nach eng Kéier eppes zousätzlech dobäi ze bauen.

Ech wollt elo dat hei emol maachen. Ech mengen dat hei kascht an dësem Kader elo emol genuch Suen, an da musse mer kucke fir dëst esou schnell wéi méiglech hinzekréien. Ech weess awer och, datt do uewe bei Ettelbréck eng ganz Rei Problemer sinn, ech krut jo schonn eng Rei Question-parlementairen dodriwwer gestallt, mä ech soen lech just, Här Kaes, mir probéieren déi Problemer mat deene Moyenen, déi mer hunn, esou gutt wéi méiglech an de Grëff ze kréien.

Mir exekutéieren elo emol dat heite Gesetz, wann Dir mer déi Finanzmëttel gitt, déi ech brauch fir d'Nordstrooss esou fäerdeg ze maachen, an da musse mer kucke wat duerno kënnt. Mä ganz kloer an däitlech: Mir kënnen net alles zesumme maachen, well mer alles zesummen net packen!

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. D'Madame Loschetter wëllt lech nach eng Fro stellen. Madame Loschetter!

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG).-* Jo, Merci. Ech wollt just eng Bemierkung maachen.

Här Minister, Dir sot, dat fält net ënner Är Tutelle, mä de Comité interministériel, do ass wuel de Ministère des Travaux publics mat agebonnen, also misst dat jo och zu engem Deel ënner Ärer Tutelle sinn. Dofir wonnert et mech, dass Dir awer net genuch informéiert sidd, fir mir hei elo op verschidde Froen ze äntwerten, déi notamment och Mesures compensatoires am Ëmweltschutz ubelaangen.

Dann hat ech lech och gefrot, wuerfir an deem Gesetzestext, dee mir elo hei sollen ofstëmmen, wéi et dozou komm ass, dass Experts en chasse eigentlech konnten iwwert dee Passage à gibier en Uerteel ofginn. Dat war eng Fro, déi ech lech gestallt hat. Wéi ass dat zustane komm? An dann hat ech lech am Fong geholl gefrot: Wéi oft gesäit sech dee Comité interministériel? An do sinn ech der Meenung, datt dat wuel och ënner Är Tutelle fält, well de Ministère vun den öffentleche Bauten och do mat dran ass.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics.-* Also ech weess net wien déi Expertise gemaach huet vun der Route nationale 11. Dofir soen ech lech nach eng Kéier wat ech lech virdru scho gesot hunn: Ech géing mengen, datt Dir sollt hei de Minister froe wann dat Reglement geännert gëtt an Dir hien an d'Kommissioun rufft, fir déi do Explikatiounen ze ginn.

Wat de Comité interministériel ugeet, esou muss ech soen, ass deen ënnert der Tutelle vum Environnement, quitte datt et kloer an däitlech ass, datt Vertrieder vun den Travaux publics an deem Comité do sinn, well mir jo och déi ganz Fonge géréieren. Wat wesentlech hei ass ze wëssen, a wat eng Garantie gëtt, dat ass, datt mer amgaang sinn un der Ëmsetzung vun deem ganzen Dossier, wat d'Mesures compensatoires ugeet, ze schaffen, dat ass datt d'Gesetz kloer an däitlech e Volume financier reservéiert fir déi do Mesuren.

Et kann also net sinn, datt dee Volume, deen hei gestëmmt gëtt an dee reservéiert ass fir d'Mesures compensatoires, an deen och vun deem Comité interministériel suivéiert gëtt, datt dee gebraucht gëtt fir aner Moossnamen ze maachen, déi näischt mat de Mesures compensatoires ze dinn hätten, déi net am Gesetz géinge stoen an déi net am Reglement definéiert gi wieren.

Ech kann lech awer elo net stante pede hei soen, wéi oft dee Comité interministériel an deene leschte Méint zesummekomm ass. Ech weess, datt en eng Rei vu Kéieren zesummekomm ass, mä déi Regelméissegkeet kann ech lech elo net op der Minutt hei soen.

Voilà. Merci.

**M. le Président**.- Voilà. Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert den „Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une route reliant Luxembourg à Ettelbruck".

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5477 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, bei 7 Nee-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marc Spautz), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Marco Schank), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Fernand Diederich), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen).*

*Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

## 7. Discours de M. le Président Lucien Weiler

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn elo bal um Enn vun der leschter öffentlecher Sitzung virun der Summervakanz an et ass Traditioun, datt de President e kuerze Survol mécht iwwert dat wat an deem Joer geschitt ass.

Déi parlamentaresch Sessioun war fir muncher heibannen eng Première. Konnt een nach no deenen extraordinäre Sessioune vum Juli a vum August vum leschte Joer en éischt Kucken an Taaschte feststellen, esou huet den Engagement, den Dynamismus an d'Sachkenntnis vun eisen neien Deputéierte séier dozou bäigedroen,…

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- …fir e reibungslosen Iwwergang vun der leschter op déi nei Legislaturperiod ze garantéieren.

No deenen zwou extraordinäre Sessiounen am Juli an am August hate mer d'Éier, datt de Groussherzog Henri, a Begleedung vun der Grande-Duchesse Maria Teresa, déi éischt ordinär Sessioun no den Neiwahlen, en l'occurrence d'Sessioun 2004-2005, opgemaach huet. Et war dëst sécherlech ee staarke Moment an eiser Demokratie, well et déi enk Lienen zwëschent dem Statschef an der Chamber dokumentéiert.

Ufanks Januar huet eis dann awer déi traureg Noriicht vum Haff erreecht: No laanger Krankheet huet d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte eis verlooss. De 14. Januar hu mir hir an enger Gedenkzeremonie heibannen „au revoir" gesot, an ech wëll soen, och wa si net méi bei eis ass, vergiess hu mer si net. Si huet eng Éiereplaz an eisen Häerzer.

Vergiess hu mer och net déi, déi viru 60 Joer dem Occupant d'Stir gebueden hunn. Mir, déi meescht, praktesch all Deputéierten hu sech virun hinne vernäipt, well mir sinn déif an hirer Schold. An dësem Zesummenhang mécht et mech nodenklech, datt et e ganze Koup vu jonke Mënsche gëtt, déi sech haut net méi schénge bewosst ze sinn, vu wou aus mer fortgaange sinn a wat e friddlecht a vereenten Europa eis alles bruecht huet. Et beweist, datt et vläicht wichteg ass, datt mer méi intensiv Rendezvousë mat der Geschicht mussen organiséieren.

Dës Sessioun sollt nieft där normaler parlamentarescher Aarbecht awer och duerch zwee aner Evénementer gekennzeechent ginn, nämlech d'Lëtzebuerger Presidentschaft an der Europäescher Unioun an de Referendum iwwert d'EU-Verfassung. Ech wëll behaapten, datt Europa nach ni esou present an eisem Parlament war, wéi an de leschte siwe Méint.

Vill Leit dobaussen associéieren d'Présidence vun der Unioun ledeglech mat den Aarbechte vun der Regierung a vergiesse ganz oft, datt d'Parlament och säi Rôle am Kader vun der Présidence ze spillen hat. Esou wëllt ech haaptsächlech erënneren un déi Réuniounen hei zu Lëtzebuerg vun de Presidente vun den aussepolitesche Kommissiounen aus dem Europäesche Parlament, un d'Réunioun vun de Presidente vum COSAC a virun allem un d'Plenarsitzung vum COSAC.

Doriwwer eraus hu mer an Zesummenaarbecht mam Europaparlament jeeweils en interparlamentaresche Forum iwwert d'Strategie vu Lissabon, iwwert d'europäesch Wirtschaftspolitik an iwwert d'Finanzperspektive vun der Unioun organiséiert. Et war dat déi éischte Kéier an der Geschicht vun der Europäescher Unioun, wou sech d'Parlamentarier aus sämtleche Memberstate mat Vertrieder vum Europaparlament zesummefonnt hunn, fir sech an engem Gedankenaustausch ze beroden, wéi si an Zukunft an dëse fir d'Unioun esou wichtegen Dossiere solle virgoen. Et waren dëst Paradebeispiller wéi déi national Parlamenter an Zukunft och un der Gestaltung vun Europa bedeelegt kënne ginn.

D'Présidence brénght dann awer och mat sech, datt interparlamentaresch Kontakter duerch eng grouss Zuel vu Visitë vun auslännesche Delegatiounen zustane kommen. Mir haten d'Éier, net manner wéi 31 Delegatioune vun auslännesche Parlamentarier an der Chamber wëllkomm ze heeschen, dat vis-à-vis vu 14 Visiten an där leschter Sessioun. All dës Réuniounen a Visitë waren, wann een eis auslännesch Gäscht héieren huet, e vollen Erfolleg.

Dëst koum net vun ongefëier. Et war mat vill politescher Preparatioun a logistescher Organisatioun verbonnen. Duerfir wëll ech hei e grousse Merci ausspriechen un all déi Deputéierten a Mataarbechter vum Greffe, déi um Succès vun dëse Réunioune bedeelegt waren.

Mäi Merci gëllt och all deenen, déi matgeschafft hu bei der Informatiounscampagne vun der Chamber am Zesummenhang mam Referendum iwwert d'EU-Verfassung. Hei huet d'Chamber e feelerfräie Parcours duerchlaf. D'Auditioune mat der Zivilgesellschaft a mat der Bevölkerung ware gutt besicht, an datselwecht trëfft zou fir déi 14 Informatiouns- an Diskussiounsréuniounen, déi d'Chamber queesch duerch d'Land organiséiert huet. D'Chamber huet hir Responsabilitéit an dësem Dossier voll a ganz iwwerholl.

Nieft dësen aussergewéinlechen Aktivitéiten an der Chamber sinn awer och déi, wann ech mech däerf esou ausdrécken, méi normal parlamentaresch Aarbechten net ze kuerz komm. An der auslafender Sessiounsperiod huet d'Chamber bis elo net manner wéi 48 Plenarsitzunge gehat a 425 Kommissiounssitzungen. An deene leschten néng Méint hu mer iwwer 105 Gesetzestexter ofgestëmmt.

Och huet d'Chamber sech an dëser Sessioun mat den aktuelle gesellschaftleche Problemer ausernee gesat. Mir haten néng Heures d'actualité, mir hate sechs Questions avec débat, mir haten zwou Orientatiounsdebatten an dräi Interpellatiounen. Net ze vergiessen déi bis elo 53 mëndlech an 385 schréftlech Froen un d'Regierung. Een Aarbechtspensum, dat deem vun deene vergaangene Joren an näischt nosteet.

Duerfir wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir der Regierung, dem Statsrot, de Chambres professionnelles, de Mataarbechter vun dësen Institutiounen an Administratiounen, de Mataarbechter vun de